N°122
Entrée le 18.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Regierung huet sech am Koalitiounsaccord d'Zil gesat, Lëtzebuerg e Pandemiesgesetz ze ginn. D'Ausschaffe vun esou engem Gesetz erfuerdert natierlech eng Analys vun der vergaangener Covid-Kris, fir doraus ze léieren an eventuell Feeler net ze widderhuelen. Eng ganz Rei Elementer aus der Covid-Pandemie sollten dofir consideréiert ginn, wéi z.B. den Akaf vun Impfstoffer oder d'Aart a Weis an d'Inhalter vun der Gesetzgebung, mee och de Personalmanagement - well ouni Mataarbechter:innen, déi all Dag hiert Bescht ginn hunn, hätt d'Pandemie nimools esou kënnen duerchgestane ginn, wéi et de Fall war.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Plangt d'Regierung eng detailléiert (extern) Evaluatioun maachen ze loosse vun der Covid-Kris virum Finaliséiere vum neie Pandemiesgesetz?
   Falls jo: Wéi eng Elementer wäerten analyséiert ginn?
   Falls nee: Wéi gëtt garantéiert, dass sech Feeler net widderhuelen?

2. Ass der neier Ministesch bekannt, wéi de Personalmanagement beim Large Scale Testing (LST) ofgelaf ass?
   - Wéi waren d'Aarbechtskonditioune vun de kuerzfristeg agestallte Mataarbechter:innen? Goufe Befrounge vun den Employé(e)ë gemaach (oder sinn der geplangt) fir hier Meenungen a Verbesserungsvirschléi ze ermëttelen?
   - Wéi vill Persoune waren insgesamt fir den LST agestallt ginn?
     Wéi vill Persoune waren an der leschter Phas virum Stopp vum LST nach agestallt?
   - Sinn d'Kontrakter vun den Employé(e)ën nom Stopp vum LST nach weider gelaf oder krut d'Personal kuerzfristeg gekënnegt?
     Falls d'Kontrakter weider gelaf sinn: Wéi laang goufen d'Leit weider beschäftegt, wou goufen se agesat a wéi e Montant u Salairë gouf fir des Phase nom LST ausbezuelt?
   - Op wéi ee Montant belafen sech d'Personalkäschte fir den LST insgesamt?

3. Ass der neier Ministesch bekannt, wéi de Personalmanagement an der Spideeler ofgelaf ass?
   Wéi waren d'Aarbechtskonditioune vun de Mataarbechter:innen? Goufe Befrounge vun den Employé(e)ë gemaach (oder sinn der geplangt) fir hier Meenungen a Verbesserungsvirschléi ze ermëttelen?

4. Ass der neier Ministesch bekannt, wéi de Personalmanagement bei de vu staatlecher Säit aus ugebuedenen Hotlinen ofgelaf ass?
   - Wéi waren d'Aarbechtskonditioune vun de kuerzfristeg agestallte Mataarbechter:innen? Goufe Befrounge vun den Employé(e)ë gemaach (oder sinn der geplangt) fir hier Meenungen a Verbesserungsvirschléi ze ermëttelen?
   - Wéi vill Persoune waren insgesamt fir dës Servicer agestallt ginn?
     Wéi vill Persoune waren an der leschter Phas virum Stopp vun der Offer nach agestallt?
   - Sinn d'Kontrakter vun den Employé(e)ën nom Stopp nach weider gelaf oder krut d'Personal kuerzfristeg gekënnegt?
     Falls d'Kontrakter weider gelaf sinn: Wéi laang goufen d'Leit weider beschäftegt, wou goufen se agesat a wéi e Montant u Salairë gouf fir des Phase nom Stopp ausbezuelt?
   - Op wéi ee Montant belafen sech d'Personalkäschte fir d'Hotlinen insgesamt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°122
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 122 vum 18. Dezember 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*Plangt d'Regierung eng detailléiert (extern) Evaluatioun maachen ze loosse vun der Covid-Kris virum Finaliséiere vum neie Pandemiesgesetz? Falls jo: Wéi eng Elementer wäerten analyséiert ginn? Falls nee: Wéi gëtt garantéiert, dass sech Feeler net widderhuelen?*

Déi virescht Regierung huet schonns eng éischt extern Evaluatioun vun der Gestioun vun der Covid-Kris zu Lëtzebuerg duerch d'OECD[1] duerchféieren gelooss.

Aktuell läit de Fokus op der Preparatioun fir eng eventuell nächst Kris fir sécherzestellen dass mir do beschtméiglechst virbereet sinn. An deem Kontext huet Lëtzebuerg sech ganz fréi engagéiert un der Pilotphase vun der sougenannter „Universal Health Preparedness Review (UHPR)" vun der Weltgesondheetsorganisatioun deelzehuelen. Do ass ugeduecht dat all Land ee nationalen Rapport mécht iwwert d'Dispositiounen déi geholl goufen als Virbereedung op eng Gesondheetskris. Dëse Rapport gëtt dann vun dräi aneren Länner onofhängeg analyséiert a kritesch hannerfrot. Dobäi ginn Verbesserungsvirschléi gemaach fir d'Preparatioun op eng nächst Kris besser z'anticipéieren. Et ass virgesinn dass Lëtzebuerg am Laf vun dësem Joer säi Rapport presentéiert.

Eng aner Initiative betrëfft eng extern Evaluatioun duerch d'ECDC (Europäeschen Zenter fir d'Préventioun an d'Kontrol vun Krankheeten) vun der Préventioun, der Preparatioun an dem Plangen vun enger Äntwert op eng Gesondheetskris ënnert dem Europäeschen Reglement 2022/2371 (ECDC Assessment of Prevention, Preparedness and Response Planning under Article 8 of Regulation (EU) 2022/2371 on Serious Cross-Border Threats to Health). Dës Evaluatioun ass am Géigesaz zu dem UHPR obligatoresch. D'Evaluatioun vu Lëtzebuerg duerch d'ECDC ass Enn vun dësem Joer virgesinn.

Donieft ass Lëtzebuerg och aktiv vertrueden an de multilateralen Verhandlungen vun zwee internationalen, komplementären Instrumenter, wou zum Zil hunn, zukënfteg Pandemien ze verhënneren, respektiv sech besser dorop virzebereeden. Dëst sinn zum Engen d'Revisioun vun dem "Règlement sanitaire international (RSI)", en internationaalt Instrument wou 2005 zulescht à jour gesat gouf, an zum Aneren den sougenannten Accord Pandémies (Accord mondial sur la prévention, la préparation et la riposte face aux pandémies). Béid Verhandlungen sollen bis Enn Mee 2024 ofgeschloss sinn.

[1] Evaluation of Luxembourg's COVID-19 Response: Learning from the Crisis to increase Resiliance. OECD, published 20 Nov 2022.

*Ass der neier Ministesch bekannt, wéi de Personalmanagement beim Large Scale Testing (LST) ofgelaf ass? Wéi waren d'Aarbechtskonditioune vun de kuerzfristeg agestallte Mataarbechter:innen? Goufe Befrounge vun den Employé(e)ë gemaach (oder sinn der geplangt) fir hier Meenungen a Verbesserungsvirschléi ze ermëttelen? Wéi vill Persoune waren insgesamt fir den LST agestallt ginn? Wéi vill Persoune waren an der leschter Phas virum Stopp vum LST nach agestallt? Sinn d'Kontrakter vun den Employé(e)ën nom Stopp vum LST nach weider gelaf oder krut d'Personal kuerzfristeg gekënnegt? Falls d'Kontrakter weider gelaf sinn: Wéi laang goufen d'Leit weider beschäftegt, wou goufen se agesat a wéi e Montant u Salairë gouf fir des Phase nom LST ausbezuelt? Op wéi ee Montant belafen sech d'Personalkäschte fir den LST insgesamt?*

Den Projet vum Large Scale Testing gouf duerch eng Sous-Traitance realiséiert wou een Appel d'offres um europäeschem Niveau lancéiert gouf. D'Kontrakter, déi vum Staat ofgeschloss goufen, haten all en konkreten Ufanks- an Schlussdatum un den sech och strikt gehal gouf. Laut dem Cahier des charges an den Kontrakter war den Sous-traitant dozou verflicht en gewëssenen Niveau u Service zu all Moment ze garantéieren (notamment eng 53.000 PCR Tester pro Woch duerchféieren ze kënnen). Et war also dem Sous-traitant seng Responsabilitéit dofir ze suergen dass dat néidegt Personal zur Verfügung stoung. Dëst ass och de Grond wisou de Staat keng Informatiounen iwwert d'Aarbechtskonditiounen vum Personal huet. Den Staat huet vu senger Säit séchergestallt datt all d'Gesondheetsberuffler déi um LST bedeelegt waren eng Autorisation d'exercer zu Lëtzebuerg haten.

*Ass der neier Ministesch bekannt, wéi de Personalmanagement an der Spideeler ofgelaf ass? Wéi waren d'Aarbechtskonditioune vun de Mataarbechter:innen? Goufe Befrounge vun den Employé(e)ë gemaach (oder sinn der geplangt) fir hier Meenungen a Verbesserungsvirschléi ze ermëttelen?*

D'Arbechtskonditiounen vun den Mataarbechter:innen an den Spideeler sinn während der Covid-Kris am Kader vun der Convention collective vun den respektiven Berufsgruppen organiséiert ginn. An Ofsprooch mat den representativen Organer sinn Adaptatiounen vun den Aarbechtszäiten vun den betraffenen Servicer virgeholl ginn. D'Organisatioun vun den Servicer huet missen den Impakt vun den noutwennegen Hygienemoosnahmen an den verännerten Arbechtsprozeduren Rechnung droen. D'Ofleef sinn deemno un déi spezifesch Infrastrukturen vun den Haiser ugepasst ginn. Eng psychologesch Ënnerstëtzung ënner verschidde Formen ass zäitno ugebuede ginn. Spideeler hunn hiert Personal intensiv begleet bei der Gestioun, och um emotionalem Plang, vun der ongewinnter Situatioun vun enger Pandemie.

Am Kader vun den Réuniounen mat den representativen Personalvertriedungen sinn d'Erfahrungen aus der Kris diskutéiert ginn. Dës Erfahrungen sinn och am Kontext vun der OECD Etude berücksichtegt ginn wou all Spidol mat abezunn an ëm en Input gefrot gouf. Eng Oparbechtung vun den Verbesserungsvirschléi ass an d'Revisioun vum Plan d'Urgence mat agefloss. Am Kader vu Qualitéitsdémarchen gi reegelméisseg Zefriddenheetsenquêten beim Personal duerchgefouert.

*Ass der neier Ministesch bekannt, wéi de Personalmanagement bei de vu staatlecher Säit aus ugebuedenen Hotlinen ofgelaf ass? Wéi waren d'Aarbechtskonditioune vun de kuerzfristeg agestallte Mataarbechter:innen? Goufe Befrounge vun den Employé(e)ë gemaach (oder sinn der geplangt) fir hier Meenungen a Verbesserungsvirschléi ze ermëttelen? Wéi vill Persoune waren insgesamt fir dës Servicer agestallt ginn? Wéi vill Persoune waren an der leschter Phas virum Stopp vun der Offer nach agestallt? Sinn d'Kontrakter vun den Employé(e)ën nom Stopp nach weider gelaf oder krut d'Personal kuerzfristeg gekënnegt? Falls d'Kontrakter weider gelaf sinn: Wéi laang goufen d'Leit weider beschäftegt, wou goufen se agesat a wéi e Montant u Salairë gouf fir des Phase nom Stopp ausbezuelt? Op wéi ee Montant belafen sech d'Personalkäschte fir d'Hotlinen insgesamt?*

Am Ufank vun der Pandemie ass d'hotline ënnert der Regie vum CGDIS gelaf an et goufen vill Bénévole'en engagéiert fir eng Hand mat unzepaken. Méi spéit gouf dunn d'Personal am Kader vum Covidsgesetz[2] engagéiert a war ënnert dem Statut vum Employé de l'Etat agestallt mat engem CDD vun enger Stonn pro Woch deen regelméisseg en Fonctioun vun den Besoin'en an der Krise ugepasst ginn ass. Dës Regele goufe fir d'Personal vun der Hotline applizéiert. Et goufe keng Befroongen vun dësem Personal duerchgefouert.

An der Zäitspan vun Oktober 2020 bis Januar 2022 haten 16 Leit en CDD an hunn fir d'Hotline geschafft. En Fonctioun vun der Kris huet dësen Pool un Leit regelméisseg kéinten adaptéiert ginn. Ab Januar 2022 sinn d'Aktivitéiten vun der Hotline duerch en Prestataire deen iwwer en Marché public désignéiert gouf iwwerholl ginn, sou dat d'Personal aneren Missiounen zougedeelt gouf an virun allem am Contact Tracing agesat gouf. Et goufe keng Entloossunge vun dësem Personal.

D'Leit, déi ënner engem CDD beim Staat agestallt gi sinn, konnten hiren Kontrakt no de Regele vum Code du Travail an no de Besoins'en vun der COVID-19 Kris erneiert kréien.

D'Gesamtkäschten vun dësen Kontrakter sinn dem Gesondheetsministère net bekannt wëll d'Kontrakter alleguerten iwwer den Ministère fir den ëffentlechen Déngscht ofgewéckelt goufen.

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[2] Loi du 21 juillet 2023 portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19